

September 2023

Koalitiounsofkommes tëschent der CSV-LSAP-déi gréng zu Stroossen

Et ass e Koalitiounsofkommes, bei deem mir de Bierger an de Mëttelpunkt stellen. Mir wëlle biergerno sinn, mir wëlle mat iech all eis Gemeng weiderentwéckelen. Et muss eng flott Gemeng bleiwen, wou jidderee seng Plaz fënnt. Mir sinn do fir Jonk an Al a fir eis Familljen. Sozialstaark oder sozialschwaach mécht bei eis keen Ënnerscheid. Stroossen muss eng Gemeng bleiwen, wou all d'Mënsche sech sécher fillen a wou se a Fridde liewe kënnen.

Mir müssen de Problem vum Klimawandel an der Energietransitioun aktiv ugoen – dat si mer eis an eise Kanner schëlleg. De Verkéier mat sengem Kaméidi, Stau a Feinstaub ass ee vun dee gréisste Problemer, déi mir müsse besser an de Grëff kréien. De Vélosfuerer an de Foussgänger müsse sécher a gutt Verbindungen an a ronderëm Stroossen hunn.

Eis Kanner verbrénge vill Zäit an der Schoul an an der Maison Relais. Well Stroossen am Wuessen ass, müssen d'Infrastrukture vergréissert ginn. Schoul a Maison Relais müssen dem Familljeliewen ugepasst ginn.

Sport ass gesond fir Jonk an Al. Mir ënnerstëtzen eis lokal Veräiner an hirer Aarbecht a kucken datt déi néideg Infrastrukturen do sinn. Net nëmmen d'Jugendarbecht am Sport ass wichteg, mee et soll jiddereen déi Offer fannen, déi e brauch.

Stroossen bleift eng flott a lieweg Gemeng – den Duerfzentrum soll dofir ëmgestallt ginn. Kulturenter behale weiderhin e wichtige Stellewäert.

Dofir setze mir eis och erëm an deenen nächste 6 Joer an!

Ëmwelt, Energie an Klimaschutz

- Förderung vun engem Klima- an Naturpaktteam, déi aus Matbierger zesummegevat sinn.
- Stroossen kritt nieft der Ëmweltkommissioun eng Energiekommissioun.
- Aktivitéiten an der 'Economie circulaire' ginn ausgebaut.
- Den 'Anti-Gaspillage' gëtt iwwerall maximal gefërdert. Eng Plaz fir 'Food-sharing' gëtt ageriicht.
- Beim Offall-Reglement get den Tri weider maximal gefërdert.
- Och am ëffentleche Raum gëtt den Offall minimiséiert an den Tri maximal gefërdert.
- Mir wärten d'Photovoltaik op Gemengendiecher konsequent ausbauen fir den Undeel un erneierbarer Energie am Energieverbrauch ze erhéijen.
- Et gëtt eng passend Fläch gesicht fir e Photovoltaikpark opzebauen.
- An der Schoul gëtt iwwer de Klimawandel an den Ëmgang mat eise Ressourcë sensibiliséiert. Mir setzen eis fir d'Ariichten vun engem regionale pädagogeschen Zentrum iwwer erneierbar Energien an.
- E komplette Bilan vum Ressourcëverbrauch vun de Gemengegebaier gëtt opgestallt. Duerno gëtt de Resourcëverbrauch vun der Uertschaft ausgeschafft.
- Eemol am Joer gëtt en Nohaltegkeetsdag an der Gemeng organiséiert an dobäi e 'Green Award' an d'Liewe geruff, wou all Joer déi prakteschst a konkretst Iddi fir eng kollektiv Reduzéierung vum CO2 ausgezeechent gëtt.
- Mir wëllen d'Beliichtung am ëffentleche Raum mat Hëllef vun LED stroumspuerend ausféieren, d'Liichtverschmutzung duerch waarm Luucht minimiséieren, mee déi néideg Sécherheet trotzdem garantéieren.
- Eng Prime fir Reparaturkäschten get ageféiert.
- E Maximum vun der Energie fir d'Hëtze vu Gemengegebaier soll aus erneierbare Quelle kommen.
- D'Méiglechkeet vun engem gestaffelte Waasserpräis get ausgeschafft mam Zil de Waasserverbrauch ze reduzéieren.
- D'Notze vum Reewaasser gëtt encourageiert.
- Bei neie Gemengegebaier gëtt e Bilan écologique vun dese gemaach.

- De Parking vun der Schoul Antoine de St. Exupery soll mat Solaranlagen iwwerdeckt ginn.
- Projete fir Stroosseluuchte mat Bewegungsmelder sollen ausgeschafft ginn.
- Mir setzen eis an, datt op der Bauschuttdeponie Spazéierweeër an eng Vëlospiste mat Accès an de Bësch ugeluecht ginn.
- Mir wëllen d'Entsiggelung op privaten Terrainen ureegen.
- Iwwerall, wou et méiglech ass, gi Beem laanscht d'Stroosse geplanz.
- Bei kommunale Soumissiounen soll e Schwéierpunkt op ekologesche Krittere gesat ginn.

Partizipativ Demokratie a Biergerne Verwaltung

- D'Bierger ginn an d'Diskussioun iwwer grouss Entwécklungsprojete mat abezunn
- Mir wëllen d'Bierger un der Klimatransitioun bedeelegen.
- De partizipative Budget gëtt ageféiert.
- D'Gemengenëffnungszäite ginn den Aarbechtzäite vun de Leit ugepasst an op Rendez-vous.
- D'Diere vum Schäfferot sti fir d'Bierger op.
- D'Informatiounen vun den Debatten am Gemengerot ginn dem Bierger méi séier zougänglech gemaach.
- D'Gemengekommissiounen gi fir Leit, déi net enger Partei zougehéiereng sinn, zougänglech gemaach
- Et gëtt eng Plaz geschaf, wou d'Bierger direkt hir Ureegungen kënnen ofginn, dës iwwer eng Mailadress an eng Boite an der Gemeng.

Integratioun an Inklusioun an eiser Gemeng

- All Joer gëtt eng Soirée – 'Welcome to Strassen – d'Gemeng stellt sech vir' – organiséiert.
- Öffentlech Barbecueplazen, fir d'Zesummeliewen ze fërderen, gi geschaf.
- Stroossen muss komplett barriärfrei ginn. Trottoiren wäerten ugepasst ginn.

- Mir encouragéieren d’Kreatioun vun enger Gemeinschaftswunneng fir Leit mat Behënnerung.
- De ‘Plan Communal Handicap’ gëtt fäerdeg ausgeschafft an ëmgesat.
- Associatiounen, déi mat behënnerte Leit schaffen, wäerte mir verstärkt ënnerstëtzen.
- Et gi Parkplazen fir d’Personal vun de Fleegecéngschter ausgewisen.
- D’Beschlëss an de Compte-Rendu vum Gemengerot mussen schnell a verschiddene Sproochen disponibel sinn.
- All Matdeelung vun der Gemeng an all Kommunikatioun am ëffentleche Raum soll a liichter Sprooch zougänglech sinn, esou wéi duerch Biller illustriert ginn.
- Wat online méiglech ass, wäerte mir och online ubidden
- Mir wäerten eisen Internetsite esou opbauen, datt e fir jidderee gutt verständlech ass.
- Mir waerte Formatiounen ubidden, fir besser mat den digitalen Technologien eens ze ginn.

Famill, Schoulen, Kannerbetreung a Maison Relais

- Mir setzen eis an fir d’Schoulzäiten, déi net méi dem Kand an der Famill ugepasst sinn, z’ajustéieren. D’Paus- an Iessenszäit soll esou och mei berouegend ginn.
- De Schoulbus hält an Zukunft och d’Schüler aus dem Precoce mat.
- All Schoulbus soll elektresch ginn.
- D’Offer vum Pedibus a séchere Vëlosweer sollen ausgebaut ginn. Mir suergen dofir, dass et vun all Wunnquartier aus e séchere Schoulwee gëtt.
- Mir ënnerstëtzen d’Aféierung vun enger Alphabetisatioun op Franséisch am Cycle 2.
- Mir encouragéieren eng besser Zesummenaarbecht a Synergien tëschent Schoul a Maison Relais.
- Wir wëllen eng Entsiggelung an Neigestaltung vun de Schoulhäff fir eng besser Upassung un de Klimawandel.
- D’Kanner sollen an der Maison Relais bei der Hausaufgabenhëllef besser encadréiert ginn.

- Et soll och eng Bibliothéik geschaf ginn, wou d’Kanner ausserhalb vun der Schoulzäit och Bicher kënnen ausléinen.
- Mir schafen eng Bëschcrèche an eng Bëschspillschoul, wou eis Kanner ganz Deeg an engem gesonden Ëmfeld verbréngen.
- Mir féieren en Transport fir Kanner an bei déi lokal Veräiner, déi net zu Fouss ze erreeche sinn.
- Mir riichten e Kannerbüro an, als Ulafstell fir Elteren a Kanner, wou se psychologesch a soziopädagogesch Orientéierungshëllef kréien. (eventuell an Zesummenarbecht mat der Eltereschoul Janusz Korczak).
- D’Fräizaitaktivitéiten an der Sommervakanz sollen inklusiv, lokal, naturno a partizipativ sinn.
- D’Kannerbetreuung muss de geännerte Liewensweise vun den Elteren, haaptsächlech den elengerzéienden Elteren, ugepasst ginn.
- Mir ënnerstëtzen d’Schafe vum Creative STEAM Maker Space wou d’Schüler spezifesch Kompetenzen an de Beräicher Wëssenschaft, Technologie, Ingenieurwesen, Konscht a Mathematik entwéckele kënnen.
- Mir sensibiliséieren d’Elteren an d’Jugendlech iwwert d’Geforen am Internet.

Jugend

- Mir suergen eis ëm déi psychologesch a sozial Betreuung vun eise Kanner a Jugendlechen. De Projet vum Streetworker soll heibäi agesat ginn.
- Mir riichten e ‘Point d’information Jeunes’ an der Gemeng an.
- Mir organiséieren eng ‘Foire pour Jeunes’, wou Jugendlecher Informatiounen fannen, déi si am Alldag brauchen.
- Mir bidde weiderhi Méiglechkeeten fir Vakanzjobs fir Schüler a Studenten un.
- Mir schafe Wunnengen, wou Jonker eng Wunnméiglechkeet an der Locatioun kréien.
- Mir kämpfe géint de Jugendchômage duerch personaliséiert Ënnerstëtzung och am Kader vun der ‘aufsuchenden Jugendarbeit’.
- Mir bidde weiderhin eng Ausbildung zum Babysitter un a relancéieren de Service, fir Elteren a Babysitter zesummenzebréngen.

Senioren

- Mir schaffen e 'Plan communal senior' aus a setzen en ëm
- Mir bauen e CIPA (centre intégré pour personnes âgées) mat 60 Better.
- Mir schafen e 'Foyer du jour'.
- Et gi weiderhin vill Aktivitéiten iwwert eise Club Senior organiséiert.
- Mir bidde Coursen un, fir besser an der Digitalisatioun eens ze ginn.
- De Senioren hir Meenung gëtt proaktiv duerch d'Drëttalterskommissioun gefrot an d'Senioren gin esou besser an d'Entscheidungsprozesser mat agebonnen.

Benevolat a Veräinsliewen

- Mir schafen eng Plattform, wou d'Veräiner sech kënnen mellen, wa si Leit brauchen, nom Modell vun enger 'Agence locale du bénévolat'.
- Mir féieren e Coordinateur sportif an.
- Mir wäerten eis Veräiner weiderhi maximal finanziell a materiell ënnerstëtzen. E besonnescht Merkmal leeë mer dobäi op d'Jugendarbecht.
- Mir schaffen eng Charte vun Nohaltegkeet fir d'Veräiner aus.
- Mir setzen eis fir d'Inklusivitéit an eise Veräiner, wou se méiglech ass, an.

Kultur

- Mir wäerten eis weiderhi ganz staark an der Konscht engagéieren.
- Mir schafen e multikulturelle Kulturtag am Kalenner vun eise Manifestatiounen.
- De Stroossefestival an d'Konschtbiennale bleiwen e feste Bestanddeel vun eiser Kulturarbecht.
- Mir wäerten eng 'Foire à la Culture' fir jonk Kënschtler organiséieren.
- Am Jugendzentrum entsteet en 'Espace Culture' wou jonk Talenter en Atelier kréien.
- Et solle Konschtwochen an der Vakanz ageféiert ginn.
- Mir organiséiere Konschtcoursë fir Kanner a Jugendlecher.

- Schafe vun engem Archiv fir eist kulturellt an historiescht Ierwe vu Stroossen mat enger Kommissioun, déi sech dorëm këmmert.
- Mir organiséiere weiderin ‘Marches gourmandes’ a relancéieren och eise ‘White Dinner’.

Sport

- Mir wëllen eis Sportsinfrastrukturen ausbauen, fir datt jidderee senge sportlechen Aktivitéiten kann nogoen.
- Mir bidden e gudden Sports-Loisir un an wäerten d'Offer nach ausbauen, och fir Jugendlecher a Kanner.
- Am Summer sollen och Sportsaktivitéiten an eise Parken organiséiert ginn.
- En zweeten Outdoor Fitness gött beim Fräiheitsbam gebaut.

Sozialpolitik

- Mir erhale weiderhin e kompetenten Office Social.
- Mir maachen d'Diere vun eiser ‘Maison Solidaire’ op, eng Plaz fir jiddereen, deen Hëllef oder Informatiounen brauch, mee wou och Workshops bzw. Atelieren am Beräich ‘solidaire’ ugebuede ginn.
- Mir bauen de Projet PINSS (Projet d’insertion social Strassen) weider aus.
- Mir schafen e Service ‘Coordination sociale’; e spezialiséierte Service, deen als Funktioun huet, all eise Bierger bei soziale Froen nozelauschten, hinnen déi neideg Hëllef an Informatiounen ze ginn a se zu deene richtegen Ulafstellen orientéieren. An dësem Service gött e ganz neie Service ‘Logement’ integréiert, dee Wunnengsbäihëllef, d’Primmen an d’Immobilien vun der Gemeng verwalt.
- Mir wäerten nach weider Wunnenge kafen, fir se an d’ ‘Location sociale’ ze ginn.
- Mir wäerte mat Associatiounen, déi an der ‘Gestion Locative Sociale’ (GLS) aktiv sinn, zesummeschaffen.
- Mir ginn déi néideg finanziell Hëllef, fir datt d’Leit duerch d’Krise kommen.

- D'Subventiounen esou wéi d''Allocation de vie chère' sollen ëmmer erëm der aktueller Situatioun ugepasst ginn.
- Mir stäerken eise CIGL (Centre d'initiative et de gestion locale).
- Mir hunn e Mediateur, deen de Bierger bei Nopeschsträit zur Säit steet.

Mobilitéit an öffentlechen Transport

- Mir setzen eis fir en Tempolimit vun 90 km/h op der Autobunn zu Stroossen an.
- Mir schafen 30er Zonen an all eise Wunnquartieren.
- Mir wëllen en effikasse Schutz géint Kaméidi a Flüsterbelag op der Autobunn an e Schallschutz säitlech vun der Autobunn.
- Mir setzen eis weiderhin fir eng Iwwerdeckung vun der Autobunn 300m virun der Arelerstrooss an 300m nom Kiem an.
- Mir wärten den Ausbau vum Tram iwwert d'Arelerstrooss bis Mamer um nationalen Niveau encouragéieren.
- Mir setzen eis fir e gutt ausgebautent Netz vu Vëlosweeër mat engem sécheren Accès zu den Nopeschgemengen an.
- Eis Wunnquartiere sollen duerch Foussgänger- a Vëlosweeër verbonne sinn, déi och an engem gudden Zoustand gehale ginn.
- De Car-Sharing System FLEX soll nach weider ausgebaut ginn.
- Stroossen soll nach zousätzlech Chargy-Borne kréien.
- Den Autostrafic soll op Haaptachsen geleet ginn, dat heescht verschidde Stroosse wärten fir den Duerchgangsverkéier gespart oder onattraktiv fir den Autosverkeier gestalt ginn.
- Mir féieren Vëlosstroossen an.
- Mir schafen zousätzlech Vëlosstellplazen a wärten se deelweis iwwerdecken.
- Mir organiséieren eng Biergerëmfro fir Geforepunkten an der Gemeng ze identifizéieren an eventuell ëmzeänneren.
- Mir bauen de Bus@Stroossen aus a reforméieren en.

Duerfentwécklung, Logement an Urbanismus

- Mir entwéckelen e Punktesystem, deen et Stroossener erlaabt zu Stroossen wunnen ze bleiwen.
- Mir schafen alternativ Wunnformen géi un ënnerschiddlech Liewensstiler ugepasst sinn, ewéi Tiny houses, Wunnengemeinschaften, Integratiounswunnengen, Méigeneratiounenhaiser etc.
- Mir investéieren an den Ausbau vun der Logementsoffer.
- Mir wäerten d'Refonte vum Duerfkär weider fërderen mat enger Verschéinerung vun der Plaz virun der Gemeng mat klenge Commercen, déi d'Kreeslafwirtschaft ënnerstëtzen (Second Hand, Repair Café, Bitzatelier...) an Restauranten a Brasserië mat Terrassen.
- Mir gestalten den ëffentleche Raum naturno, mat grousser Biodiversitéit.
- Mir plangen nei Wunngebidder mat moderne Verkéierskonzepter.
- Bei neie PAP plange mir eng intelligent Verdichtung fir eng Optimiséierung vum Flächeverbrauch, eng Minimiséierung vun der Versiggelung an eng Maximaliséierung vun der Biodiversitéit ze ereeche.
- Mir wärten de Buedemaushub minimiséieren.
- Mir schafen eng Bauhäremapp fir zukünfteg Bauhären, déi zu Stroossen wëlle bauen.
- Déi nei Gemengegebaier sollen aus gesonde Materialie gebaut ginn.
- Mir bidden finanziell Hëllef fir Privatleit un, déi e 'Bilan écologique' vun hirem Haus ufroen oder maache wëllen.
- All nei Gemengegebaier müssen e Reewaasseroopfangssystem hunn.
- Mir installéieren ëffentlech Dréinkwaasserspender an encouragéiere eis Gastronomiebetriber hire Clientë Krunnewaasser zur Verfügung ze stellen.
- Mir schafen e Centre Polyvalent am Reckendall, e moderne Site, dee vun de Veräiner fir méi Zwecker genotzt ka ginn.
- Mir riichten flott inklusiv Spillplazen an de Wunnquartiere op, mat deenen néidege Schiedméiglechketen.

Sécher a gesond liewen an eiser Gemeng

- Mir setzen eis fir eng Verstärkung vun eiser ‘Police de proximité’ an.
- Mir organiséieren Éischt Hëllef Coursen allgemeng, mee och an der mentaler Gesondheet.
- Mir schafen e ‘Plan canicule’ fir eis Gemengebaier an eis Résidence Riedgen.
- Mir setze Moosnamen ëm, fir déi lokal Loftqualitéit ze verbesseren.
- Mir organiséiere Gesondheitsdeeg fir d'Bierger iwwer Risiken a Preventioun ze sensibiliséieren.
- Mir publizéiere reegelméisseg Informatiounen iwwert d’Sécherheet an aktuell Themaen an Zesummenaarbecht mat der Police an de respektive Kommissiounen. (Schuz virun Abréch, Cyberkriminalitéit,...)

Lokal Economie

- Virun der Gemeng soll eng Plaz fir kleng Commercen a Brasserie/Restaurant entstoen.
- Mir wëllen eng Plattform schafen fir Géigestänn ze flécken, auszeléinen oder auszetauschen (‘Bibliothèque des choses’).
- Mir encouragéieren d’Usidelung vun neie Geschäfte an ënnerstetze jonk Betriber mat innovativen Iddien.
- Eis Firmaen, déi mir an der Uertschaft hunn, wëlle mir ënnerstëtzen a siichtbar maachen.
- Mir wärten onnéideg Bürokratie ofschafe souwéi Taxe mat engem nidderege Rendement.

Dëst si vill Projeten, dei mer mat Iech a fir Iech ëmsetzen. Et kommen der nach dobäi. Mir freeën eis op dei nächst 6 Joer !